piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/03/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Kultur weiderzeleeden.**

De Luxembourg Film Fund (Fonds national de soutien à la production audiovisuelle) gëtt zënter Joren mat héije Montante vu Steiergelder finanzéiert a soll och an de kommende véier Joer ronn 180 Milliounen Euro aus dem Staatsbudget kréien. Aus de Joresrapporte vum Filmfong geet ervir, datt d'finanziell Hëllefen zum groussen Deel un eng kleng Unzuel u Produktiounsfirme fléissen. Dat selwecht bestätegt d'Äntwert op meng vireg parlamentaresch Fro n°3401.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Kann de Kulturminister Donnéeë virleeën, wéi vill Recetten déi eenzel Filmer aus deem Tableau agespillt hunn (Kino, Televisioun, Streaming, etc.)?
   Falls nee, aus wéi engem Grond ginn dës Donnéeën net systematesch erhuewen a wéi kënnt de Filmfong senge gesetzleche Verflichtungen no?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés